



Administration communale
de Reckange-sur-Mess

Reckange-sur-Mess, septembre 2026

Energie-, Klima- an Ëmweltcharta vun der Gemeng Reckeng op der Mess

Charte énergie, climat et environnement de la commune de Reckange-sur-Mess

Virwuert / Préambule

D’Gemeng Reckeng op der Mess engagéiert sech fir eng nohalteg Entwécklung vun der Gemeng, fir d’Liewensqualitéit vun den haitegen an zukünftege Generatiounen ze erhalen an nohalteg ze verbessern.

Mat der Participatioun um Klimapakt 1.0 am Joer 2015 an um Klimapakt 2.0 huet sech d’Gemeng Reckeng op der Mess verpflichtet, eng nohalteg Klimapolitik konsequent ëmzesetzen a konkret Moossnamen an Ziler fir déi nächst Joren ze definéieren an auszuféieren.

Fir dës Ziler kënnen z’erreechen, ass d’Gemeng Reckeng op der Mess och op d’Hëllef an d’Mataarbecht vun de lokale Veräiner ugewisen.

La commune de Reckange-sur-Mess s’engage en faveur d’un développement communal durable afin de préserver et d’améliorer durablement la qualité de vie des générations actuelles et futures.

Par sa participation au Pacte Climat 1.0 en 2015 ainsi qu’au Pacte Climat 2.0, la commune de Reckange-sur-Mess s’est engagée à mettre en œuvre une politique climatique durable et à définir et réaliser des mesures et objectifs concrets pour les années à venir.

Afin d’atteindre ces objectifs, la commune de Reckange-sur-Mess a également besoin de l’aide et de la collaboration des associations locales.



Administration communale
de Reckange-sur-Mess

Charta

De Veräin

ënnerstëtzt de Grondgedanke vun der Reduktioun vun den Treibhausgaser an der Förderung vum Ëmweltschutz an der Gemeng Reckeng op der Mess a verpflichtet sech, dëst Konzept u seng Memberen weiderzeginn an – am Kader vum Maachbaren – all Versammlungen an Evenementer no de folgende Critèren auszuféieren. All Veräin, deen dëser Charte adheréiert, kritt e järechen, ordinäre Subside ausbezuelt.

L'association

soutient le principe fondamental de la réduction des gaz à effet de serre et de la promotion de la protection de l'environnement dans la commune de Reckange-sur-Mess et s'engage à transmettre ce concept à ses membres ainsi qu'à organiser, dans la mesure du possible, toutes ses réunions et manifestations selon les critères suivants. Un subside ordinaire annuel sera octroyé à l'association adhérant à cette charte.

Notzung vun de kommunalen Infrastrukturen *Utilisation des infrastructures communales*

Heizenergie

Am Ëmgang mat Heizenergie verpflichte mir eis, d'Raimlechkeeten net gläichzäiteg ze heizen an ze lëften, kuerz a geziilt ze lëften, d'Heizkörper un d'Notzung vum Raum unzepassen an Iwwerhëtzung ze vermeiden, souwéi no der Versammlung oder dem Evenement all Thermostater zeréckzestellen.

Énergie de chauffage

Concernant l'utilisation de l'énergie de chauffage, nous nous engageons à ne pas chauffer et aérer simultanément les locaux mis à disposition, à privilégier l'aération brève et intensive, à adapter le réglage des radiateurs à l'utilisation des locaux et à éviter toute surchauffe, ainsi qu'à remettre tous les thermostats à leur position initiale à la fin de la réunion ou de la manifestation.

Drénkwaasser

Am Ëmgang mat Drénkwaasser verpflichte mir eis, Drénkwaasser spuwersam ze benotzen, drëpsend Krunnen oder defekt Sanitäranlagen dem technesche Service vun der Gemeng ze mellen an no all Dusch oder Hännwäschen de Krunn komplett zouzedréinen.

Eau potable

Concernant l'utilisation de l'eau potable, nous nous engageons à utiliser l'eau de manière économe, à signaler les robinets qui fuient ou les installations sanitaires défectueuses au service technique communal et à bien fermer les robinets après chaque douche ou lavage des mains.



Administration communale
de Reckange-sur-Mess

Belichtung a Stroum

Am Ëmgang mat Belichtung a Stroum verflachte mir eis, no der Versammlung oder dem Evenement d'Luuchten auszuschalten, ze kontrolléieren, ob all Luuchten aus sinn ier mir d'Gebai verloossen, elektresch Apparater komplett auszuschalten an net am Stand-by-Modus ze loossen, bei Evenementer méiglechst op energieintensiv Apparater ze verzichten, opluedbar Batterien ze benotzen, Killapparater vun der Klass A++ ze kafen an energieeffizient elektresch Apparater ze privilegiéieren (kuckt www.oekotopten.lu).

Éclairage et électricité

Concernant l'éclairage et l'électricité, nous nous engageons à éteindre les lumières à la fin de chaque réunion ou manifestation, à vérifier que toutes les lampes sont éteintes avant de quitter le bâtiment, à éteindre complètement les appareils électriques et à éviter le mode veille, à limiter l'utilisation d'appareils énergivores lors des manifestations, à utiliser des piles rechargeables, à acheter des appareils frigorifiques de classe A++ et à privilégier des appareils électriques économes en énergie (voir www.oekotopten.lu).

Mobilité

Am Kader vun der doucer Mobilitéit verflachte mir eis, fir kuerz Distanzen de Vëlo, de Pedelec ze privilegiéieren oder zu Fouss ze goen. Am Kader vun der Notzung vum ëffentlechen Transport an de Fuergemeinschaften verflachte mir eis, gemeinsam Reesen op Auswärtsevenementer, Matcher oder Concerten z'organiséieren, Fuergemeinschaften ënnert de Veräinsmemberen ze fërderen an d'Fuerpläng vum ëffentlechen Transport op all Kommunikatiounsmëttel an op der Internetsäit vum Veräin ze publizéieren.

Mobilité

Dans le cadre de la mobilité douce, nous nous engageons à encourager l'utilisation du vélo, du vélo électrique ou la marche pour les courtes distances. Dans le cadre de l'utilisation des transports publics et du covoiturage, nous nous engageons à organiser des déplacements collectifs vers les manifestations, compétitions ou concerts extérieurs, à encourager le covoiturage entre les membres de l'association et à publier les horaires des transports publics sur tous les supports de communication ainsi que sur le site internet de l'association.

Organisatioun vun Evenementer a Fester

Fir den Akaf am Kader vun eisen Evenementer verflachte mir eis, méiglechst regional Produkter ze kafen, biologesch ugebaute Produkter ze privilegiéieren, drop opzepassen dass exotesch Produkter aus fairem Handel stamen, Verpackungsoffall esou wäit ewéi méiglech ze vermeiden an eis Publikatiounen op ongebleechtem Recyclingpabeier drécken ze loossen.

Am Kader vun der Offallvermeidung a -verwäertung verflachte mir eis, den Offall op e Minimum ze reduzéieren, d'Gedrénks a Pfandfläschen an net an Eeweefläschen ze kafen,



Administration communale
de Reckange-sur-Mess

den Offall no de Reegelen an Offere vun der Gemeng ze trennen an eis Werbematerialien esou ze gestalten, dass esou wéineg Offall wéi méiglech entsteet. Beim Gebrauch vu Geschir verflachte mir eis, ausschliesslech wiederverwendbaart Geschir, Glieser a Besteck ze benotzen an eng mobil Spullanlag oder den „Zap a Spullweenchen“ anzestetzen, déi vun der Gemeng zur Verfügung gestallt gëtt.

De Veräin, deen Evenementer organiséiert, déi als «Green Events» (ëmweltfrëndlech Evenementer – méi Informatiounen am Begleetbréif) zertifizéiert sinn, kënnen am Joer drop vun engem finanzielle Bonus profitéieren, fir déi zousätzlech Käschen am Zesammenhang mat der Nohaltegkeet ze kompenséieren. (ënner bestëmmte Konditiounen, w.e.g. bei der Gemeng mellen)

Organisation de manifestations et fêtes

Dans le cadre de la prévention et du recyclage des déchets, nous nous engageons à limiter les déchets au strict minimum, à privilégier les boissons en bouteilles consignées plutôt qu'en emballages à usage unique, à trier les déchets conformément aux prescriptions et offres de la commune et à concevoir notre matériel publicitaire de manière à générer le moins de déchets possible.

Pour les achats liés à nos manifestations, nous nous engageons à privilégier des produits régionaux, des produits issus de l'agriculture biologique, à veiller à ce que les produits exotiques soient issus du commerce équitable, à limiter autant que possible les déchets d'emballage et à faire imprimer nos publications sur du papier recyclé non blanchi au chlore. Concernant l'utilisation de la vaisselle, nous nous engageons à utiliser exclusivement de la vaisselle, des verres et des couverts réutilisables et à recourir au lave-vaisselle mobile ou la buvette mobile («Zap- a Spullweenchen»), mis à disposition par la commune.

Les associations qui organisent des événements certifiés «Green Events» (événements respectueux de l'environnement – voir document en annexe) peuvent bénéficier d'un bonus financier l'année suivante, afin de compenser les coûts supplémentaires liés à la durabilité. (sous conditions, s'adresser à la commune)

Erstellt zu Reckeng op der Mess an zwee Exemplarer, den
Établi à Reckange-sur-Mess en deux exemplaires, le _____

Responsabel vum Veräin
Responsable de l'association

Responsabel vun der Gemeng Reckange-sur-Mess
Responsable de la commune de Reckange-sur-Mess